PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/05/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Héichschoul a Fuerschung & Interieur weiderzeleeden.

De 5te Mee war an der Chamber den ëffentlechen Debat zur Petitioun n°2061, déi Hëllefe fir Eltere gefuerdert huet, déi hier Kanner net an eng Maison Relais ginn. Am Kader vun dësem Debat, war d'Méiglechkeet ugeschwat ginn, fir ausrechnen ze loossen, wéi vill de Staat am Schnëtt fir d'Betreiung an enger Maison Relais fir ee Kand bezuelt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kënnen d'Ministere mir eng Estimatioun ginn, op wéi vill sech d'Fonctionnementskäschte vun enger Maison Relais an enger grousser Gemeng (iwwer 10'000 Awunner) chiffréieren?

2. Wat fir een Montant pro Kand géing sech hei eraus erginn?

3. Kënnen d'Ministesche mir eng Estimatioun ginn, op wéi vill sech d'Fonctionnementskäschte vun enger Maison Relais an enger grousser Gemeng (ënner 10'000 Awunner) chiffréieren?

4. Wat fir een Montant pro Kand géing sech hei eraus erginn?

5. Wéi vill Kanner stinn op Waardelëschten fir eng Plaz an enger ëffentlecher Maison Relais?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député